



**Äntwert vum Minister fir Energie, Claude Turmes, op d'parlamentaresch Fro n°7496 vum
20. Januar 2023 vum éierewäerten Deputéierte Marc Goergen iwwert "Coopération avec l'entreprise
RWE"**

- 1. A wéi enge Projeten zur Hierstellung vun Energie schafft de Lëtzebuenger Staat mat RWE zesummen?**
- 2. Setzt de Lëtzebuenger Staat zesumme mat der RWE a Verwaltungsrot vu Gesellschaften? Wa jo, a wéi enge Gesellschaften ass dat de Fall an zënter wéini?**

D'RWE ass nieft dem Lëtzebuenger Staat een Haaptaktionär an der Société électrique de l'Our S.A. (SEO). RWE Generation SE huet grad ewéi de Lëtzebuenger Staat 40,43% vun den Aktië vun der SEO. Dat heescht datt an der SEO, mee och an den Duechtergesellschaften vun der SEO, de Lëtzebuenger Staat direkt oder indirekt mat RWE zesummeschafft.

Dës Kooperatioun betrëfft d'Pompenspäicherkraaftwierk zu Veianen, dat eng extrem wichteg Energiespäicherroll am däitsch-lëtzebuenger Stroummarché an domadder der Integratioun vun den erneierbaren Energien an den europäesche Stroummarché spillt, mee och verschidde Lafwaasserkraaftwierker a Wandparken déi iwwer d'SOLER, eng Duechtergesellschaft vun der SEO an der Enovos, realiséiert a bedriwwen ginn, also Projeten, déi d'nohalteg Energietransitioun virubrénge.

Dofir sëtzt de Lëtzebuenger Staat och zesumme mat der RWE an dem Verwaltungsrot vun der SEO an den Duechtergesellschaften vun der SEO. Ze präzisieren ass dass d'SEO op engem Staatsvertrag mam Bundesland Rheinland-Pfalz, baséiert. An der järelecher Aktionärsversammlung vum 8. Mee 1953 ass fir d'éischt Kéier een RWE-Vertrieber an de Verwaltungsrot vun der SEO gewielt ginn.

Lëtzebuerg, den 8. Februar 2023
(s.) Claude Turmes
Minister fir Energie